


# Parbréif

Par Regioun Iechternach St Willibrord

Nr 2/25

*Editorial...*

# Freideg den 13. an eng Welt, déi ännert

Freideg, den 13.: Fir munchereen en Dag, dee si fäerten. Als gleewege Chrëscht loossen ech mech manner dovunner beandrocken. Ma viru fënnef Joer - de Freideg 13. Mäerz hat et a sech. Erënnert Dir Iech nach? Bedingt duerch Covid-19, déi sech vun der Epidemie zur Pandemie entwéckelt hat, wor et dee leschten Dag, wou mir als Katholiken zesumme Gottesdingscht feiere konnten. Duerno wore mir als Kierch an de ‚liturgesche Lockdown' gaang. Kuerz drop hat de Coronavirus dat ganzt öffentlecht Liewen am Grand-Duché an op der ganzer Welt ausgebremst. Schons donneschdes, den 12., wéi d'Ukënnegung koum, hat ech ons Vesper an der Basilika ganz déif ëmpfond. Den Tom hat Psalmen erausgesicht, déi ons vum Härgott sengem Schutz a sengem Bäistand zielen, ma nom Salve Regina virun der Tréischterin haten d'Leit sech een deen aaneren ugekuckt: Wäerte mir ons nach erëmgesinn? Ähnlech Gedanken och dann um Freideg den 13. Mäerz bei der leschter gemeinsamer Mass. Duerch italienesch Priisterfrënn hat ech matkritt, wéi d'Situatioun do wor. "Wäert ech och elo demnächst all Dag méi Zäit op de Kierfechter verbrénge musse fir ze begruewe?" - eng weider Fro vu mir deemols.

Haut fënnef Joer duerno sinn ech frou: All déi Leit, déi deemols an der Vesper woren, sinn och nach haut dobäi. Ze begruewen gouf et am Confinement manner wéi soss. Allerdings bei däer Gemeinschaft, wou freides den 13. nach Mass wor, huet Corona Spueren a Schued hannerlooss. An dëser Pandemie woren op eng Kéier ganz staark Gefiller opkomm. Vill Mënschen haten Angscht ëm hiert Liewen. Dat bréngt een u seng Grenzen. Vill Mënschen hate missen entdecken, datt och d'Wëssenschaft hier Limiten huet. Wou musse mir zouloossen, datt ee nach net alles weess? Wéi sot mir en Dokter: „Mat menger These hunn ech probéiert mam Wësse vun haut eng Fro ze beäntwerten. Allerdings hunn ech do och 18 nei Froe fir d'Fuerschung opgeworf." Dat ka grad Net-Spezialisten, wéi déi meescht vun ons et sinn, iwwerfuerderen. Da koum dobäi: Wat fir déi eng gebuede Rücksicht, an dack och chrëschtlech Nächsteléift wor, gollt fir aanerer als Aschränkung vun hierer Fräiheet. Wat ass richteg? Wat falsch? Op munche Plaze spiert een do nach haut Nowéien. Packe mir et déi deemols entstaane Konflikter z'iwwerwannen? Oder suergt Corona, och ouni nei Infektiounen, weider fir Schued? Ech hätt mir net geduecht missen driwwer nozedenken fir Kierchen zouzemaachen. Ma däer Fro komme mir mëttelfristeg net méi aus de Féiss. Dorunner ass och Covid-19 a seng virernimmte Konsequenze mat Schold.

Wat ass net alles zënter deemols, Corona, aanescht ginn? „Gesellschaftlech Entwéckelungen, déi ënner normalen Ëmstänn a fofzeg Joer geschéien, geschéien an Zäite vu Pandemien a fënnef Joer" - esou onsen Äerzbëschof, de Kardinol Hollerich an engem Impuls zu ons Geeschtlech. Wuel si Welt a Kierch scho laang um änneren, ma tatsächlech ass déi

**Titelbild**: Lukaskapell zu Giischt (S.21) © Tom Osborne

lescht Zäit villes immens séier aanescht ginn. Komme mir nach no? A wat ass alles no deem Freideg den 13. a no Corona komm? D'Héichwaasserkatastroph am Juli 2021, déi grad ons Uertschaften laanscht d'Sauer elle getraff hat. Den Ukrainekrich. Inflatioun, déi ville Leit zousetzt. Wéivill Attentater si bei onsen Nopere geschitt, déi och d'Leit zu Lëtzebuerg net kal loossen! Politesch Wiesselen an der Welt. Eng Mëtt vun der Gesellschaft, déi sech an deene leschte Joere méi no lénks bewegt huet, ma wou elo d'Rad zréck neess méi no riets dréit. Traditionell Sécherheeten, déi ewechbriechen. Grad déi lescht Méint wor d'Entwickelung ganz rasant. An elo, wou ech dës Zeile schreiwen, och d'Suerg ëm onsem Popst François seng Gesondheet. Wat kënnt nach alles? Mir wëssen et net. Alles dat fuerdert ons a kann ons iwwerfuerderen.

Hoffnungslos Zäiten? Dat kéint een heiando mengen. Allerdings proposéiert den Hellege Vater ons eng Alternativ. Grad fir dëst Hellegt Joer 2000+25 no Christi Gebuert invitéiert hien d'Chrëschten „Pilger vun der Hoffnung" ze sinn. Jo, wëll mir hunn Hoffnung. Dat, wat mir deemols den 12. Mäerz 2020 an der Vesper gesongen haten, et stëmmt. Dëst kann ons an onse Matmënschen och elo Hoffnung géint all Hoffnungslosegkeet ginn. Gott behitt ons. Hien ass e gudden Hiert, deen ons och duerch däischter Zäite féiert. Hien deet wuel net déi däischter Zäite verschwannen, ma e féiert ons, datt mir derduerch kommen, wuessen an e gedeckten Dësch fannen. Mir brauchen näischt ze fäerten. Ons wäert näischt feelen. Egal wéi verréckt ons Welt a munch vun hiere Leader sinn... Vläicht komme nach munch komesch Freideg-den-13. Trotzdem, meng Erfahrung: Wie mat Gott geet, ass um gudde Wee.

Dëse Parbréif wäert ons e gudden Deel duerch d'Faaschtenzäit begleeden. Wéi viru fënnef Joer d'Coronapandemie, esou kënnen dës 40 Deeg virun Ouschteren ons eng Paus bidden fir kënne besser onst Liewen ze kucken, et ze bedenken, ëmdenken a nei ausriichten. Loosse mir d'Geleeënheet notzen fir ons nei vum Jesus senger Botschaft a sengem Liewen inspiréiert op de Wee vu Gott ze maachen. Da kënne mir als Pilger vun der Hoffnung duerch déi vill Krisen kommen. Ech wënschen Iech et vun Häerzen.

*Luc Schreiner*

# Parbréif Inhalt


| | |
|---|---|
| Editorial... | 2-3 |
| Masseprogramm | 4-14 |
| Impressum | 15 |
| Karwoch an Ouschteren | 16-17 |
| Liestipp | 18-20 |
| Lukaskapell zu Giischt | 21-22 |
| Lënster Uergel | 23 |
| Liesowender Lukasevangelium | 24 |
| Dëst & Dat | 26-29 |
| Kanner a Jugend | 30 |
| dat (Vir-)Lescht | 31 |

# 1. Faaschtesonndeg C

"Invocabit"

Lk 4,1-13

**Samschdeg, 08.03.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 15.00 | Beichtgeleeënheet (bis 15.30 Auer) |
| Berdorf | 16.30 | **Kannergottesdéngscht** |
| Echternach | 17.00 | **Virowendmass** (Muttergotteskapell)<br>op Meenung IS / 2. Jm Gerti Horn / Egon Merz |
| Beaufort | 18.00 | **Kannergottesdéngscht** |
| Born | 18.00 | **Virowendmass** Jos Hein a Kanner |
| Godbrange | 18.30 | **Virowendmass** Pauline Letsch-Jungblut / Nelly an Eugène Kinzelé / St Fam Peffer-Walch |
| Echternach | 20.00 | **Messe** de la communauté portugaise |

**Sonndeg, 09.03.**

| | | |
|---|---|---|
| Girsterklaus | 09.00 | **Mass** Jg. Thomas Dieckmann |
| Echternach | 09.00 | **Mass** |
| Echternach | 10.30 | **Mass** fir d'Par / 9. Jm Marianne Bischoff / 9. Jm Alphonse Bisenius / St Aloyse Ernzer a Marguerite Wagner a Fam |
| Steinheim | 10.30 | **Mass** Hubert Conjaerts / Lucie a Marcel Roeder-Schmit |
| Junglinster | 10.45 | **Mass** 6. Wm Pauline Letsch-Junglut, Angèle Scheffen-Urbing / 6. Wm Jean-Pierre Siebenaler / St Fam Herzog-Hoffmann |
| Girsterklaus | 15.30 | **Rousekranz** |
| | 16.00 | **Andacht** (déi éischt fir dëst Joer) |
| Echternach | 18.30 | **Owesmass** 3. Jm Raymond Hoffmann |

**Méindeg, 10.03.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass (Krypta) z. E. v. hl. Willibrord - op Meenung vun de Pilger |
| Rosport | 18.00 | Kannergottesdéngscht |

*Gott, ich bitte dich,*
*sende mir deinen Engel, wenn ich mutlos bin.*
*Lass mich achtsam sein auf dein leises Wort*
*in unserer lauten Welt.*
*Schenke mir deine Nähe in Wort und Weisung*
*für meinen Weg, damit ich auf-breche*
*in deine und meine Zukunft. Amen.*

Nicolaus Klimek

**Dënschdeg, 11.03.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass St Mathilde Kremer-Rehlinger |
| Osweiler | 09.30 | Mass für die Anliegen ewiger Stiftungen |
| CIPA-Consdorf | 10.30 | Mass St fir d'Marscherleit (H 2019) |
| Steinheim | 18.30 | Kräizwee |
| Echternach | 19.00 | Date mat Gott (Krypta) |

**Mëttwoch, 12.03.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | **Keng** Mass (Muttergotteskapell) |
| Beaufort | 10.30 | Mass (Seniorenresidenz) |
| CIPA-Lënster | 11.00 | Mass Aloyse Schintgen |
| Echternach | 18.30 | Kanner- a Familljemass |

**Donneschdeg, 13.03.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass Fam Kohn-Parisot |
| Echternach | 18.30 | Kräizwee |
| | 19.00 | Vesper |

**Freideg, 14.03.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass St Fam Loutsch-Braun |
| Junglinster | 18.00 | stëll Anbetung |
| | 18.30 | Mass |
| Moersdorf | 18.00 | Mass fir all Affer vu Pandemien a Krich |
| | | *duerno* stëll Anbetung a Beichtgeleeënheet |
| Echternach | 20.00 | Via Sacra da comunidade portuguesa |



***Le carême : un temps de conversion***

Au désert, le Christ a mené un combat spirituel dont il est sorti victorieux. À sa suite, il ne s'agit pas de faire des efforts par nos propres forces humaines mais de laisser le Christ nous habiter pour faire sa volonté et nous laisser guider par l'Esprit.
Durant le temps du Carême, nous sommes invités à nous donner des moyens concrets, dans la prière, la pénitence et l'aumône pour nous aider à discerner les priorités de notre vie. Le temps du Carême est un temps autre qui incite à une mise à l'écart pour faire silence et être ainsi réceptif à la Parole de Dieu.

Eglise catholique France

# 2. Faaschtesonndeg C

"Reminiscere"

Lk 9,28b-36

**Samschdeg, 15.03.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 15.00 | Beichtgeleeënheet (bis 15.30 Auer) |
| Berdorf | 16.30 | **Kannergottesdéngscht** |
| Echternach | 17.00 | **Virowendmass** (Muttergotteskapell)<br>St Hermann a Lina Wielkowolsky-Dom a Fam Math Dom-Dell |
| Breidweiler | 18.00 | **Virowendmass** Fam Wolter / Jean-Luc Audry / Albert Goedert |
| Herborn | 18.00 | **Virowendmass** Wm Ketty Schoellen-Meiers / Fam Weydert-Lutz-Kleyr / Fam Dahm-Roulling-Reiter |
| Gonderange | 18.30 | **Virowendmass** Nicole Kremer-Frank, Jos Goebel-Kieffer, Flore a J-P Kremer-Steffen, Irma an Emile Kieffer-Linden, Armand Seyler-Kieffer |

**Sonndeg, 16.03.**

| | | |
|---|---|---|
| Girsterklaus | 09.00 | **Mass** Gerty a Jos Peters / 6. Wm Catherine "Modi" Osweiler-Daleiden<br>1. Jm Ernest Freilinger |
| Echternach | 09.00 | **Mass** |
| Echternach | 10.30 | **Mass** *Eröffnung vun der Faaschtenaktioun Partage.lu*<br>**d'Kollekte ass fir partage.lu**<br>fir d'Par / Jm Théo Herckes, Fam Herckes-Melchers, Kremer an Heller / Fam Jos Jans-Sauber |
| Osweiler | 10.30 | **Mass** |
| Beaufort | 10.45 | **Mass** Jm Lucie Fisch-Weckering a Berni Fisch / Jean-Pierre Hoff |
| Junglinster | 10.45 | **Mass** Kanner- a Familljemass / Josy Theisen, Susanne a Jean-Pierre Theisen-Reicher / St Fam Sauber-Hommel |
| Girsterklaus | 15.30 | **Rousekranz** |
| | 16.00 | **Andacht** |
| Echternach | 18.30 | **Owesmass** St Fam Feilen-Schacht |

**Méindeg, 17.03.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass (Krypta) z. E. v. hl. Willibrord - op Meenung vun de Pilger |
| Girsterklaus | 18.00 | Kannergottesdéngscht |

*Christus hat etwas ausgestrahlt. Das kann man durch die Jahrhunderte hindurch heute noch merken. Er hat nicht nur etwas ausgestrahlt; auf seinem Gesicht strahlt "göttlicher Glanz" wider (4,6). Er hat Gott ausgestrahlt, er hat ihn ungebrochen reflektiert.*

*Franz Kamphaus*

**Dënschdeg, 18.03.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass op Meenung WM |
| Osweiler | 09.30 | Mass |
| CIPA-Consdorf | 10.30 | Mass Jm Ottilie Lenertz (H 2002) |
| Echternach | 15.00 | Mass fir déi Eeler a Krank mat Krankesalbung |
| Altlinster | 18.00 | Mass Richard an Anny Wies-Wagener / Marguerite Herschbach, Cecile a Remy Colbach-Miny |
| Echternach | 18.00 | Date mat Gott (Krypta) |
| Born | 18.30 | Kräizwee |

**Mëttwoch, 19.03.** **Héichfest vum Hl. Jousef**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass (Muttergotteskapell) Jm Jos Rollinger |
| **Girsterklaus** | 14.30 | Rousekranz a Lidder z. E. v. hl Jousef |
| | 15.15 | **Festmass \| Ouverture vun der Pilgersaison** z.E. v. hl. Jousef / fir all Pilger / Jos an Angy Bisenius / "Schrainerkolleg" Abbes / Josiane Schuler / Jos Casel |
| Echternach | 18.30 | Kanner- a Familljemass |
| **Girsterklaus** | 19.00 | **Messe en l'honneur de St Joseph** *en français et portugais* |

**Donneschdeg, 20.03.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass Aloyse a Marguerite Ernzer-Wagner a Fam |
| Echternach | 18.30 | Kräizwee |
| | 19.00 | Vesper |

**Freideg, 21.03.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass op Meenung |
| Junglinster | 18.00 | stëll Anbetung |
| | 18.30 | Kanner- a Familljemass |
| Born | 18.00 | Mass St Fam Hein-Lies *duerno* stëll Anbetung a Beichtgeleeënheet |
| Echternach | 20.00 | Via Sacra da comunidade portuguesa |



*Verklärung - Duccio di Buoninsegna 1308*

Petrus sagte zu Jesus: Meister, es ist gut, dass wir hier sind.
Wir wollen drei Hütten bauen,
eine für dich, eine für Mose und eine für Elija.
Während er noch redete, kam eine Wolke und überschattete sie.
Sie aber fürchteten sich, als sie in die Wolke hineingerieten.
Da erscholl eine Stimme aus der Wolke:
Dieser ist mein auserwählter Sohn,
auf ihn sollt ihr hören. LK 9

# 3. Faaschtesonndeg C

"Oculi"

Lk 13,1-9

**Samschdeg, 22.03.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 15.00 | Beichtgeleeënheet (bis 15.30 Auer) |
| Berdorf | 16.30 | **Kannergottesdéngscht** |
| Echternach | 17.00 | **Virowendmass** (Muttergotteskapell) St abbé Jos Hirt an Elteren |
| Hemstal | 18.00 | **Virowendmass** Fam Lenertz-Nanquette / Irma Meyers-Schmit / St fir d'Marscherleit / fir Uleies vun den éiwege Stëftungen |
| Moersdorf | 18.00 | **Virowendmass** |
| Godbrange | 18.30 | **Virowendmass** Pauline Letsch-Jungblut / Henri Kerger a Fam Wurth-Schreiber an Ugen-Damé an Kerger-Damé / St Fam Neuens-Bück a Neuens-Schiltz |

**Sonndeg, 23.03.**

| | | |
|---|---|---|
| Girsterklaus | 09.00 | **Mass** 6. Wm Sonja Grund-Block / Nicky an Thérèse Fohl |
| Echternach | 09.00 | **Mass** |
| Echternach | 10.30 | **Mass** fir d'Par / Maria a Jos Wohner-Schmit a René Wohner |
| Berdorf | 10.45 | **Mass** 1. Jm Mia Alf-Göbbels / Eugénie Reisdorf-Linden a Fam / Jean-Pierre Molitor a Fam Molitor-Dondelinger / Adolphe Meyers a Fam / Marie-Louise an Alphonse Schmit-Halsdorf / Lucie a Guillaume Halsdorf-Rausch / St Mathias Dondelinger a Fam Dondelinger-Petry / St Victor Herber-Mockel a Fam / St Mathias Neises an Elise Schuller |
| Junglinster | 10.45 | **Mass** Jm Julie Mangen a Fam / Fam Weydert-Duhr / St Eugène Sauber |
| Girsterklaus | 15.30 | **Rousekranz** |
| | 16.00 | **Andacht zu Eiere vum hl. Jousef** |
| Echternach | 18.30 | **Owesmass** Fam Schmitz-Lutgen a Schuller-Fandel / Fam Kayser-Hurt an Fam Hurt-Ternes |

**Méindeg, 24.03.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass (Krypta) z. E. v. hl. Willibrord - op Meenung vun de Pilger |
| Rosport | 18.00 | Kannergottesdéngscht |

*Fasten heisst lernen, mit den einfachen Dingen glücklich zu sein.*
*Fasten heisst, sich freimachen von den tausend Fesseln der tausend toten Dinge.*
*Fasten heisst, die einfachen, kleinen Freuden in Dankbarkeit zu geniessen.*

*Phil Bosmans*

| **Dënschdeg, 25.03.** | | **Héichfest "Verkündigung des Herrn"** |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass St Fam Leiner-Schott |
| Osweiler | 09.30 | Mass |
| CIPA-Consdorf | 10.30 | Mass St Anna a Regine Dupont (H 1999) |
| Junglinster | 18.00 | Date mat Gott (Parzenter) |
| Mompach | 18.30 | Kräizwee |

**Mëttwoch, 26.03.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass (Muttergotteskapell) Jos Ries a Fam |
| Beaufort | 10.30 | Mass (Seniorenresidenz) |
| CIPA-Lënster | 11.00 | Mass |
| Echternach | 18.30 | Kanner- a Familljemass |

**Donneschdeg, 27.03.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass op Meenung CK |
| Echternach | 18.30 | Kräizwee |
| | 19.00 | Vesper |

**Freideg, 28.03.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass Fam Kohn-Parisot |
| Junglinster | 18.00 | stëll Anbetung |
| | 18.30 | Kanner- a Familljemass |
| Herborn | 19.00 | Mass 6. Wm Ketty Schoellen-Meiers |
| | | *duerno* stëll Anbetung a Beichtgeleeënheet |
| Echternach | 20.00 | Via Sacra da comunidade portuguesa |



*© Martin Manigatterer„Pfarrbriefservice.de*

*Moïse regarda: le buisson brûlait sans se consumer. Moïse se dit alors: "Je vais faire un détour pour voir cette chose extraordinaire: pourquoi le buisson ne brûle-t-il pas?" Le Seigneur vit qu'il avait fait un détour pour venir regarder, et Dieu l'appela du milieu du buisson: "Moïse! Moïse!" Il dit: "Me voici!" Dieu dit alors: "N'approche pas d'ici! Retire tes sandales, car le lieu que foulent tes pieds est une terre sainte! Je suis le Dieu de ton père, Dieu d'Abraham, Dieu d'Isaac, Dieu de Jacob." Moïse se voila le visage car il craignait de porter son regard sur Dieu.*

*Ex 3,3*

# 4. Faaschtesonndeg C

"Laetare"

Lk 15,1-3,11-32

**Samschdeg, 29.03.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 15.00 | Beichtgeleeënheet (bis 15.30 Auer) |
| Echternach | 17.00 | **Virowendmass** (Muttergotteskapell)<br>1. Jm Marie-Josée Kuffer / Fam Zimmer-Heuskin |
| Echternach | 17.00 | **Daffeier** fir Toni Proehs |
| Mompach | 18.00 | **Virowendmass** Ad Osweiler / St Albert Wagner |
| Rodenbourg | 18.30 | **Virowendmass** St Fam Freimann-Steichen |

**Sonndeg, 30.03.**

| | | |
|---|---|---|
| Girsterklaus | 09.00 | **Mass** |
| Echternach | 09.00 | **Mass** St Fam Kohn-Parisot |
| Echternach | 10.30 | **Mass** fir d'Par |
| Rosport | 10.30 | **Mass** |
| Junglinster | 10.45 | **Mass** 6. Wm Camille Scholtus / 1. Jm Josy Hansen |
| Junglinster | 11.45 | **Daffeier** fir Hannah Thillen |
| Girsterklaus | 15.30 | **Rousekranz** |
| | 16.00 | **Andacht** |
| Echternach | 18.30 | **Owesmass** St Fam Wohl-Sauber |

**Méindeg, 31.03.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass (Krypta) z. E. v. hl. Willibrord - op Meenung vun de Pilger |
| Rosport | 18.00 | Kannergottesdéngscht |

**Dënschdeg, 01.04.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass St Fam Weber |
| Osweiler | 09.30 | Mass |
| CIPA-Consdorf | 10.30 | Mass St Geschwister Thielen (H 1999) |
| Herborn | 18.30 | Kräizwee |
| Echternach | 19.00 | Date mat Gott (Krypta) |

**Mëttwoch, 02.04.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass (Muttergotteskapell) Jos Ries a Fam |
| Echternach | 18.30 | Kanner- a Familljemass |

**Donneschdeg, 03.04.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass Fam Metz-Blanpain |
| Echternach | 18.30 | Kräizwee |
| | 19.00 | Vesper |
| Girsterklaus | 18.30 | Gebietsowend - Rousekranz |
| | 19.00 | Mass fir d'Erneierung vum Glawen a fir Beruffungen - duerno Stëll Anbetung bis 20.30 Auer |

**Freideg, 04.04.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass op Meenung FPMP |
| | duerno | stëll Anbetung bis 10.00 Auer |
| Junglinster | 18.00 | stëll Anbetung |
| | 18.30 | Kanner- a Familljemass |
| Born | 18.00 | Mass *duerno* stëll Anbetung a Beichtgeleeënheet |
| Echternach | 20.00 | Via Sacra da comunidade portuguesa |



© *Friedbert Simon (Fotografie) / Roland Friederichsen (Künstler) Pfarrbriefservice.de*

*Der Vater sah ihn schon von Weitem kommen*
*und er hatte Mitleid mit ihm.*
*Er lief dem Sohn entgegen,*
*fiel ihm um den Hals und küsste ihn.*
*Da sagte der Sohn zu ihm: Vater,*
*ich habe mich gegen den Himmel*
*und gegen dich versündigt;*
*ich bin nicht mehr wert, dein Sohn zu sein.*
*Der Vater aber sagte zu seinen Knechten:*
*Holt schnell das beste Gewand*
*und zieht es ihm an,*
*steckt einen Ring an seine Hand*
*und gebt ihm Sandalen an die Füße!*
*Bringt das Mastkalb her und schlachtet es;*
*wir wollen essen und fröhlich sein.*
*Denn dieser, mein Sohn, war tot*
*und lebt wieder;*
*er war verloren und ist*
*wiedergefunden worden.*
*Lk 15,*

# 5. Faaschtesonndeg C

Joh 8,1-11

"Iudica"

*Kollekte fir partage.lu - Bridderlech Deelen*

| | | |
|---|---|---|
| **Samschdeg, 05.04.** | | |
| Breidweiler | 11.00 | **Daffeier** fir Fred Bartz |
| Echternach | 15.00 | Beichtgeleeënheet (bis 15.30 Auer) |
| Berdorf | 16.30 | **Kannergottesdéngscht** |
| Echternach | 17.00 | **Daffeier** fir Alyia a Finn Chaussy |
| Echternach | 17.00 | **Virowendmass** (Muttergotteskapell) op Meenung DLNH |
| Beaufort | 18.00 | **Kannergottesdéngscht** |
| Bech | 18.00 | **Virowendmass** Fam Victor Thill / Marie-Louise Steffes-Neyens a Fam |
| Herborn | 18.00 | **Virowendmass** Fam Frank-Reisdorf, Fisch-Reisdorf, Suzanne Frisch Nelly a René Müller-Weydert / Fam Dahm-Roulling-Reiter |
| Gonderange | 18.30 | **Virowendmass** |
| **Sonndeg, 06.04.** | | |
| Girsterklaus | 09.00 | **Mass** Jm Thierry Origer |
| Echternach | 09.00 | **Mass** op Meenung JJ / René Hoscheid |
| Echternach | 10.30 | **Mass** fir d'Par / Marianne Bischoff |
| Steinheim | 10.30 | **Mass** Hubert Coenjaerts |
| Junglinster | 10.45 | **Mass** 6. Wm Sara Lobo / Catherine a François Engeldinger-Schilling / Marcel a Jean Beck |
| Echternach | 11.45 | **Daffeier** fir Mathis Klein |
| Girsterklaus | 15.30 | **Rousekranz** |
| | 16.00 | **Andacht** |
| Echternach | 18.30 | **Owesmass** op Meenung MM **mat der Firmjugend** |
| **Méindeg, 07.04.** | | |
| Echternach | 09.00 | Mass (Krypta) z. E. v. hl. Willibrord - op Meenung vun de Pilger |
| Breidweiler | 18.00 | Mass Jean Wewer a Fam / Richard Leonardy / Jm Justine Schmit-Frisch / Jeanny an Adolphe Puraye-Neises / 10. Jm Arthur Huberty |



**Dënschdeg, 08.04.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass op Meenung WM |
| Osweiler | 09.30 | Mass |
| CIPA-Consdorf | 10.30 | Mass St Fam Wagner-Hoss (H 1999) |
| Rodenbourg | 18.30 | Mass Edmond Welter / Fam Hoffmann-Kariger, Fam Berns-Hoffmann, Fam Berns-Majerus, Eugène Flies, Alain de la Gardelle |
| Rosport | 18.30 | Kräizwee |

**Mëttwoch, 09.04.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass (Muttergotteskapell) |
| Beaufort | 10.30 | Mass (Seniorenresidenz) |
| CIPA-Lënster | 11.00 | Mass Aloyse Schintgen |

**Donneschdeg, 10.04.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass op Meenung DM |
| Echternach | 18.30 | Kräizwee zesummen mat de Fraen a Mammen |

**Freideg, 11.04.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass St Fam Wehr-Dickes |
| Moersdorf | 18.00 | Mass *duerno* stëll Anbetung a Beichtgeleeënheet |
| Junglinster | 18.00 | Kräizwee |
| | 18.30 | Mass |
| Echternach | 20.00 | Via Sacra da comunidade portuguesa |



# Pällemsonndeg

## Ufank vun der Karwoch

**An alle Massen gëtt de Pällem geseent, bréngt w.e.g. de Pällem mat**

**Samschdeg, 12.04.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 15.00 | Beichtgeleeënheet (bis 15.30 Auer) |
| Echternach | 16.00 | **Hochzäit** Sabrina Freitas a Fränk Eiffes |
| Echternach | 17.00 | **Daffeier** fir Milla a Mayra Martins |
| Echternach | 17.00 | **Virowendmass** (Muttergotteskapell) |
| Born | 18.00 | **Pällemwei** an der Morgue, **Prëssessioun** |
| | | **Virowendmass** Marguerite a Mathias Hurt-Trierweiler |
| Bourglinster | 18.30 | **Virowendmass** Fam Biwer-Kinzelé a Godart-Ries / 3. Jm Josy Theisen, Marguerite a Jean Ernzer-Boden |
| Echternach | 20.00 | **Messe** de la communauté portugaise |

**Sonndeg, 13.04.**

| | | |
|---|---|---|
| Girsterklaus | 09.00 | **keng Mass** |
| Echternach | 09.00 | **keng Mass** |
| Rosport | 10.00 | **Pällemwei** beim neie Schlass, **Prëssessioun** an d'Kierch |
| | duerno | **Mass** |
| Echternach | 10.00 | **Pällemwei** am Stadpark beim Pavillon |
| | | **Prëssessioun** an d'Basilika |
| Echternach | 10.30 | **Mass** zesumme mat de Kommuniounskanner / fir d'Par |
| Berdorf | 10.45 | **Mass** 1. Jm Marguerite Reuter-Wagner / Thierry Origer / Adolphe an Albertine Meyers a Fam |
| Junglinster | 10.45 | **Mass** Fam Berns-Mangen / op Meenung K |
| Echternach | 11.45 | **Daffeier** fir Maya Matos |
| Girsterklaus | 15.30 | **Rousekranz** |
| | 16.00 | **Andacht** |
| Echternach | 18.30 | **Owesmass** St Hella Martini-Petit |



© Norbert Stors

**Impressum** Parbréif Par Regioun Iechternach St Willibrord
Oploo: 3000 Ex., kënnt ca 8 mol am Joër eraus, gedréckt an der Imprimerie de l'Est.
De nächste Parbréif kënnt de 12. Abrëll 2025 eraus a geet bis den 1. Juni 2025.
**Redaktiounsschluss 21. Mäerz 2025**

# Kontakt

**Francis Erasmy**, Paschtouer a Moderateur, ✉ 28, rue de la Montagne
L-6470 Echternach ☎ 727296 - 621 246624 💻 ferasmy@pt.lu
**Carlo Morbach**, Paschtouer, ☎ 621 197083 💻 carlo.morbach@cathol.lu
**Luc Schreiner**, Paschtouer, ✉ 5, rue Luc Bonblet L-6582 Rosport ☎ 691 842052
**Anise Metz**, Parassistentin , ☎ 720149 💻 aimetz@pt.lu
**Josiane Mirkes**, Parassistentin, ☎ 621263256 💻 josiane.mirkes@education.lu
**Luc Zimmer**, Titularkatechet, 12, porte St Willibrord L-6486 Echternach,
☎ 26720376, 💻 luc.zimmer@cathol.lu

**Konto Parbréif:** BCEELULL **LU54 0019 5055 3954 5000**
(Kierchefong - Par Regioun Iechternach)

## Parbüro Iechternach

12, Porte St Willibrord L-6486 Echternach, ☎ 720149 , 💻 iechternach@cathol.lu

**De Parbüro ass op vu Dënschdes bis Donneschdes 10.00-12.00 Auer**
oder op Rendez-vous
iwwer Telephon si mir ereechbar.

### Büro Parzenter Lënster

15, rue du Village L-6140 Junglinster , ☎ 780043

**Permanence: Mëttwochs 10.00-10.45 Auer a Freides 16.30-17.45 Auer**
(de Büro ass zou an de Schoulvakanzen)

## Konto Massintentiounen:

BCEELULL **LU54 0019 5055 3954 5000**
Kierchefong C.T. / Reg Iechternach

*Fir all Uertschaften ass et déi selwecht Kontosnummer*

***Um Internet:***

eist **Parliewen** fannt Dir op: **cathol.lu/iechternach**
d'**Basilika** (eis Parkierch) fannt Dir op: **basilika.lu**
d'**Lënster Kierch** fannt Dir op: **lensterkierch.lu**

# Karwoch an Ouschteren

## *an der Par Regioun Iechternach St Willibrord*

### Gréngendonnschdeg 17.04.

| | | |
|---|---|---|
| Consdorf | 18.00 | Mass vum leschten Abendmahl |
| Echternach | 18.30 | Mass vum leschten Abendmahl |
| Herborn | 19.00 | Mass vum leschten Abendmahl |

### Karfreideg 18.04.

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 11.00 | Kannerkräizwee |
| Moersdorf | 15.00 | Passiounsandacht<br>*duerno* Ufank vun der Barmhäerzegkeetsnovene |
| Echternach | 15.00 | Kräizwee |
| Junglinster | 15.00 | Kannerkräizwee |
| Berdorf | 17.00 | Kannerkräizwee |
| Echternach | 18.30 | Feier vum Leiden an Stierwen Christi |

### Karsamschteg - Ouschternuecht 19.04.

| | | |
|---|---|---|
| Girsterklaus | 09.00 | "D'Stonn vun der Mamm" - Gebietsmoment |
| Hemstal | 18.00 | Feier vun der Ouschternuecht |
| Echternach | 21.00 | Feier vun der Ouschternuecht |
| Rosport | 21.00 | Feier vun der Ouschternuecht |

### Ouschtersonndeg 20.04.

| | | |
|---|---|---|
| Girsterklaus | 09.00 | Ouschtermass |
| Echternach | 09.00 | Ouschtermass |
| Echternach | 10.30 | Ouschtermass |
| Steinheim | 10.30 | Ouschtermass |
| Junglinster | 10.45 | Ouschtermass |
| Berdorf | 10.45 | Ouschtergottesdéngscht |
| Beaufort | 10.45 | Ouschtermass |
| Moersdorf | 18.15 | Ouschtermass |
| Echternach | 18.30 | Ouschtermass |



### Ouschterméindeg 21.04.

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 10.30 | Ouschtermass |
| Mompach | 10.30 | Ouschtermass |
| Breidweiler | 10.45 | Ouschtermass |
| Bech | 10.45 | Gottesdéngscht |
| Osweiler | 15.30 | Celsusfeier - Houmass<br>duerno Seene vun Päerd, Veloen, Trakteren, Autoen, etc. |

### Samschdeg 26.04.

| | | |
|---|---|---|
| Bollendorf-Pont | 18.00 | Mass |

# Beichtgelegenheiten

| | | | |
|---|---|---|---|
| Echternach | **Jeden Samstag** | 15.00-15.30 | Beichtgelegenheit |
| | **Karsamstag 19. April** | 09.00-10.30 | Beichtgelegenheit |
| | | 15.00-16.00 | Beichtgelegenheit |
| Junglinster | **14. April** | 18.30 | Bussgottesdienst mit Beichtgelegenheit |

**In der Gemeinde Rospert-Mompach:**
**jeweils Freitags nach der Messe um 18.00 Uhr:**
Moersdorf: 14.03. + 11.04.25 - Born: 21.03. + 04.04.25 - Herborn: 28.03.

# Klibberen op de Kardeeg

Et ass eng al Traditioun, datt op de Kardeeg d'Kanner an d'Jugendlech, resp. d'Massendénger, als Ersatz vum Lauden vun de Klacken klibberen ginn. Mir wiere frou, wann sech och dëst Joer vill Kanner a Jugendlech an all eisen Uertschafte kéinten engagéieren an deen Déngscht fir eis Par iwwerhuelen. Fir weider Informatiounen a Umeldungen mellt iech bei de Verantwortlechen (Consdorf: massendengerconsdorf@pt.lu - Iechternach: eechternoacher.massdeiner@outlook.com) oder bei der Pastoralékipp
Natierlech ginn d'Klibberkanner och um Karsamschdeg ophiewen. Denkt also drunn a gitt hinnen eng kleng Belounung.

## Bekehre Dich

wähle das Leben,
verlass dich
auf deinen Gott!

Bekehre dich,
höre auf Gottes Wort,
lass dir von ihm sagen,
worauf es jetzt ankommt!

Bekehre dich,
orientiere dich neu,
frage dich,
wofür du lebst!

Bekehre dich,
brich auf, lass nicht
alles beim Alten, wage
einen Neuanfang!

Bekehre dich,
werde kritisch,
unterscheide,
was trägt und was trügt!


Bekehre dich,
suche und finde
deinen Gott in
nächster Nähe!

*Paul Weismantel, Pfarrbriefservice*

# Liestipp...

## Anselm Schubert
## **Gott essen**
## Eine kulinarische Geschichte des Abendmahls

C.H.Beck Verlag München 2018, 271 Seiten, 24,95 €.




Am Moment erlieft eis Kierch schonn eng ganz speziell Zäit. Mir gesinn, dass ëmmer manner Leit sech un de Gottesdéngschter / Masse bedeelegen. Wat bedeit eis Massfeier eigentlech? Wou kënnt si hier? Ass si vum Jesus gestëft oder agesat, wéi mir et grad um Gréngen Donneschdeg all Joer erëm nei soen?

Duerch Zoufall sinn ech op d'Buch vum Anselm Schubert gestouss, dat hie schonn 2018 publizéiert huet. Als Historiker huet hien hei eng ganz speziell Geschicht geschriwwen, déi awer d'Fundament vun eisem liturgesche Feiere betrëfft an dann och esou Munches an een neit Liicht fir eis réckelt. Kann ee wierklech soen, dass de Jesus eis Massfeier gestëft huet? Wat wollt de Jesus a wat hunn d'Chrëschten am Laf vun de Joerhonnerten doraus gemaach? Déi Fro huet sech den Anselm Schubert gestalt a hie versicht eng Äntwert ze ginn.

D'Buch ass eng Aart Kierchegeschicht vun der wesentlechster Feier vun eiser Relioun. Schonn eleng dofir ass et héich interessant dëst Buch ze liesen.

Wa mir an d'Ufäng vun eiser Relioun kucke ginn, dann ass et guer net esou däitlech, wou d'Feier vun der Mass hier kënnt. Déi éischt Chrëschten hunn am Fong dat gemaach, wat och all aner Leit an hirem Ëmfeld gemaach hunn. Si hunn sech a privaten Haiser versammelt an do zesumme giess a gedronk. Des Reunioune waren do fir d'Gemeinschaft ze fleegen. D'Chrëschten hunn hei eigentlech ee „Symposion" gehalen, sou wéi et bäi de Griichen an de Réimer üblech war. Am éischte Kapitel vum Buch kann een noliesen, wéi dat alles funktionéiert huet. Am éischte Korintherbréif fanne mir eng Parallel zu der Traditioun vun de reliéise Feieren als gemeinschaftlech Moolzecht. An da musse mir gesinn, dass et duerchaus en Ënnerscheed gëtt tëschent dem Denken an Handele vum Jesus als historescher Persoun an der reliéiser Verkënnegung aus der fréier Zäit vun der Kierch. An der Geschicht bis 120 hu mir laut dem Auteur scho vill offe Froen, déi hie behandelt an diskutéiert. Et ass ganz einfach net alles esou kloer mat der Entsteeung vun eiser „Massfeier", wéi dat ëmmer nach behaapt gëtt.

Ab dem 2. Joerhonnert entwéckelt sech dann aus dëse gemeinsame Moolzechten een „Afferkult", wéi en och am Juddentum oder an heednesche Kulten an den Tempele gefeiert gouf. (S. 33) Laang war d'Entwécklung, déi zu enger klorer Trennung tëschent gemeinsamer Moolzecht an Eucharistie bzw. Massfeier gefouert huet. Um Konzil vu Laodicäa 363/364 gouf des Trennung endgülteg vollzunn an d'Chrëschten hunn sech ganz däitlech vum Juddentum a vun deene pagane Reliounen ofgesat.

Waren am Ufank vun der Beweegung vun

de Chrëschten nach keng Hierarchien ze gesinn, sou hunn sech déi ëmmer méi eraus geschielt an et ass ee Priistertum entstanen, dat elo am Numm vun de Leit d'Affer duer bruecht huet, wéi dat eben och am Tempel zu Jerusalem oder an den heedneschen Tempelen de Fall war. Et entwéckelt sech deemno eng kultesch Form vun de Versammlungen a lues a lues verschwannen déi al Traditiounen, wou d'Chrëschten sech bäi gemeinsame Moolzechte getraff hunn. Sécherlech sinn d'Zuele vun de Mënschen, déi sech als Chrëschte bekannt hunn, ëmmer méi grouss ginn. Et gouf schwiereg, fir sech a privaten Haiser ze treffen an et war och komplizéiert wéi bäi ale Symposien sech zu enger gemeinsamer Moolzecht zesummen ze fannen. Ee Symposion konnt nëmme mat enger begrenzter Zuel vu Leit stattfannen.


Am Laf vun de Joerhonnerten ass dann ëmmer nees diskutéiert ginn, wat a wéi Materialie sinn, déi fir d'Eucharistie solle gebraucht ginn. Besonnesch dee Moment, wou d'Chrëschten sech an nei Regioune vun der Welt ausgebreet hunn, wou et weder Brout nach Wäin als normal Liewensmëttel gouf, si vill nei Froen opkomm. Villfach sinn dofir dann och ganz ënnerschiddlech Liewensmëttel fir d'Massfeier gebraucht ginn. Et ass eng duerchaus interessant Geschicht all deem mat Hëllef vum Buch nozegoen. Dobäi entdeckt een, dass et eng immens grouss Vilfalt gouf. An dann ass natierlech och d'Verständnis, wat mat dëse Gowe geschitt, interessant. Gi Brout a Wäi real an de Läif an an d'Blutt vu Christus verwandelt, oder ass et nëmmen ee Bild. Wéi soll een also mat deene geweiten oder consecréierte Gowen ëmgoen? Muss d'Liturgie ëmmer genee esou gefeiert ginn, wéi si an de Reegele vun der jeeweileger Kierch virgeschriwwen ass? Och dat ass eng Fro, déi dacks am Laf vun der Geschicht gefouert gouf a haut erëm ganz aktuell ass.

Am Laf vun de Joerhonnerten huet sech dat reng Kultescht ëmmer méi duerchgesat an ass och ëmmer méi eenheetlech ginn. Konzilien hu mat ëmmer méi Reegele festgeluecht, wéi esou eng Mass sollt gefeiert ginn. Allerdéngs mierke mir haut un den Zuelen, dass mir lo schonn erëm a villen Dierfer kéinten esou Symposien, wéi an der Anticke, aféieren an eis ganz nei kéinten als Chrëschten organiséieren. Vläicht wier et elo esou lues un der Zäit, fir erëm op de Jesus selwer zeréck ze kommen. Hien huet no allem, wat mir wëssen, mat senge Frënn ganz reegelméisseg zesumme giess a gedronk. Do huet hien seng Léiere verkënnegt. Do huet hie mat de Mënschen zesumme Gott gelueft. Meng Fro ass hei, op hien net grad dora säi Wee gesinn huet. D'Buch ass eng spannend Erausfuerderung fir nei iwwer déi wesentlechst Feier vun eiser Relioun no ze denken

## Georges Hellinghausen, **„Klagt in Leid ..."**

### 400 Jahre Wallfahrt zu U.L. Frau von Luxemburg, Trösterin der Betrübten

Verlag Herder Freiburg 2024, 368 Seiten, 35,00 €.



Eisen aktuellen „Dompropst“ a Professer vun der Kierchegeschicht, Georges Hellinghausen, huet zum grousse Jubiläum vun der Veréierung vun eiser Tréischterin ee ganz wäertvollt Buch geschriwwen. Wéi ech héieren hunn, dass dëst Buch iwwer d’Geschicht vun der Tréischterin sollt publizéiert ginn, war ech mir perséinlech bewosst, dass ech trotz all deene Joren, wou ech an der Kierch schaffen, duerchaus net iwwer alles informéiert sinn, wat mat der Lëtzebuerger Wallfaart zesummen hänkt. Warscheinlech ass och ausserhalb vu Lëtzebuerg d’Wëssen ëm des wichteg an och typesch Lëtzebuerger Veréierung, net besonnesch grouss. Ëm sou méi wichteg ass dëst Wierk, dat d’Potential huet fir iwwer eis Grenzen ewech des wesentlech Geschicht vun eiser, ech géif gäre soen, nationaler Identitéit bekannt ze maachen. Ech muss hei un eng Diskussioun aus eisem Studium denken. Fir all lokal kierchlech Gemeinschaften ass et ganz wichteg, dass ee gemeinsam Bezuchpunkten huet, un déi een sech kann halen, déi eis orientéieren an déi och eng Gemeinschaft stëften. D’Veréierung vun der Tréischterin ass bäi eis esou ee ganz wichtege Repère, dee kaum ewech ze denken ass. Dat hat ech deemools an enger Ronn mat eisem Tréierer Professer vun der Kierchegeschicht, dem Prof. Sauser, gesot, well hien ebe grad des Iddi a senger Virliesung propagéiert huet. Doropshin huet hie mir widdersprach, dass jo awer schliisslech d’Veréierung zu Lëtzebuerg dat net wier, well d’Veréierung vun der Tréischterin dach vu Kevelaer hier kéim. Nun, dee gudde Mann hat sech kolossal geiert. Ech konnt hien deemools beléieren, dass d’Ofhängegkeet just ëmgedréint géif lafen. Fir mech war an ass dat een Zeechen, dass och studéiert Leit ganz dacks net alles wëssen. An deem Sënn mécht dem Georges Hellinghausen säi Buch ee wichtege Schrëtt, fir no baussen ze dokumentéieren, wéi d’Geschicht vun der Tréischterin gaangen ass a wéi si och iwwer déi véier Joerhonnerten ewech ëmmer nees ausgestraalt huet.

D’Buch bitt jidderengem ee fundéiert Wëssen iwwer eis kierchlech Geschicht. Et kann een et och als eng Aart Lexikon gesinn. An 18 sougenannten Exkursen si verschidden Aspekter opgegraff, déi een nach „Lust und Laune“ ka consultéieren. Um Enn vum Buch fënnt een 23 Säite mat Literatur. Och dat ass eng wäertvoll Hëllef fir jiddereen, deen sech nom liese vum Buch nach méi intensiv mat der Geschicht vun eiser nationaler Wallfaart wëll beschäftegen.

D’Tréischterin am Leed huet an deene laange véierhonnert Joer vill Mënschen ugezunn an hinnen eng Stäip gebueden. Bieden a sangen, pilgeren a gemeinsam säi Leed kloen ass wichteg. Mä mir all dierfen eis och iwwer des grouss Traditioun freeën. D’Wëssen, wat an der Vergaangenheet d’Mënschen animéiert huet, fir sech un d’Maria ze wenden, soll fir eis haut Virbild sinn. Iwwer all des Dimensiounen informéiert dem Auteur säi Buch. Ech kann nëmmen ureegen, fir et ze liesen a sech intensiv mat eiser Geschicht vertraut ze maachen.

*Carlo Morbach*

# Publications de Mariage

**Publicationes matrimoniales (c. 1067) Paroisse Région Echternach St Willibrord**

**Marcel Michel Ury et Catherine Lucie Irène Bohnenberger**

Date et lieu du mariage religieux : 26/04/2025 à Bech

# D'Lukaskapell zu Giischt

D'Lukaskapell an der Uertschaft Giischt steet am Schied vun hierer grousser, méi bekannter Schwëster net wäit ewech. Tatsächlech ginn et munch ganz al Dokumenter, déi eng „Chapelle de Girst“ ernimmen. Domadd gemengt ass awer ni dat klengt Gotteshaus am Duerf, ma ëmmer d'Mariewallfahrtsplaz bei Giischt, haut als Giischterklaus bezeechnet. Déi kennt jo bal jiddereen. Par contre d'Kapell am Duerf ass villen onbekannt. Maache mir ons op eng kleng Entdeckungsreess.

Iwwert d'Jorhonnerte wor d'Giischterklaus d'Kapell fir d'Duerf niewendrunn. De Numm Giischterklaus heescht jo Einsiedelei vu Giischt. Déi eeler Leit nennen haut nach d'Plazen hannen am rietse Säiteschëff vun der Klaus 'd'Giischter Still.' Bis haut hunn déi Giischter Famijen hier Griewer op der Giischterklaus. Dat obschons déi al Uertschaft Giischt, fréier alt och emol




*Altor vun 1725*

Aal-Giischt genannt, wuel fréier Gemeng Rouspert, mais Por Bur wor. D'Porkierch an de Paschtouer vu Bur an der Nopeschgemeng Mompech wore jo och méi no a méi séier z'ereeche wéi de Geeschtlechen an d'Kierch am eegene ‚Gemeindehauptort‘ Rouspert. Als Erënnerung un déi Ex-Por Bur-Giischt kënnt déi Burer Musik bis haut den Hämmelsmarsch spillen. D'Klaus par contre hat zu Rousperter Par gehéiert. Do wor ech am Bistumsarchiv op Geriichtsakte gestouss, wou a vergaangene Jorhonnerten d'Paschtéier vu Rouspert a Bur prozesséiert hate, wiem den Affer vu Begriefnisser vun de Giischter Leit op der Klaus zoustéing. Wéi dem Paschtouer Marcel Braun d'Uertschafte vun der Gemeng Rouspert uvertraut goufen an zu Bur den Abbé Paul Müller fir d'Gemeng Mompech zoustänneg gi wor, do gouf gesot: All Gemeng soll hiere Paschtouer kréien. Dofir kéim Giischt bei Rouspert. De Jean Laflleur, deemols Vertrieder vu Giischt am Burer Kiercherot wor dunn och an dee Rousperter Kierche-finanzgremium gewiesselt. Ganz offiziell staats- a kiercherechtlech wor dat ni geklärt bis am Mee 2017. Zënterhier gehéiert dës Uertschaft elo mat zur grousser Por Regioun Iechternach St. Willibrord mat eiser gemeinsamer Parkierch, der Basilika zu Iechternach.

Dokumenter iwwert d'Kapell am Duerf si schwéier ze fannen, wéi och muncheree Krämpes huet d'Gotteshaus selwer ze fannen. Just den Tiermchen um Daach mat sengen zwou Klacken a fuerweg Fënsteren mat engem ronnem Ofschloss weisen op eng sakral Fonctioun vun deem onscheinbare Gebai tëscht grousse Scheieren hinn. Tatsächlech wor dëst och net als reliéis Plaz geplangt, mais ëm 1860 als Schoulsall fir d'Duerf gebaut ginn. 1925

krut Giischt eng nei Schoul. Well déi Zäit nach keng Goudronsstroossen tëscht den Dierfer an d’Weeër vu Giischt op d’Klaus oder op Bur bei schlechtem Wieder ganz schwiereg ze goen woren, koum de Wonsch op och zu Giischt selwer am Duerf eng Plaz fir Gottesdingscht a Gebied ze kréien. 1928 ass dunn déi al Schoul als Kapell ëmfonctionnéiert ginn a krut als Schutzhellegen ee vun de Niewepatréiner vun der Klaus, den Evangelist Lukas. Deem säi Fest, den 18. Oktober, leet d’Giischter Kiermes fest.




*Eng al Satue vum Hl. Péitrus*

Bannenan suergen d’Biller vum Kräizwee, déi a Serie hiergestallt goufen, Statuen an e Lüster fir eng besonnesch Ambiance. Desweidere steet ee bedaitend Stéck, dat dëst Joer seng 300 Joer kritt: Den Opbau vum Altor. Iwwert der Muttergottesstaue steet d’Joreszuel 1725. Um Altordësch, dee neizäitlech ass, ass d’Geschicht vun dësem Altorretabel agemeeselt. 1725 gouf den Altor an der deemoleger Kapell vun Dickweiler opgeriicht. Wéi dee konschthistoresch wäertvolle Ensemble vun de Rousperter Altär zu Dickweiler opgestallt gi wor, koum dëse stengene Kierchemiwwel an en Depot. No engem ‚Dornröschenschlaf‘ huet en 2008 zu Giischt e neit Liewe kritt. Am Sënn vun der Synodalitéit, léif Giischter, léif Dickweiler, léif Chrëschten aus der Gemeng Rousperter-Mompech: Deen 300. Anniversaire vum Altor feiere wier dach flott oder optéiert Dir do léiwer fir en ‚Dornröschenschlaf’? Dëst Gotteshaus am Duerf kéint och eng schéi Plaz fir Concerten am klenge Kreess sinn.

Jo, d’Lukaskapell vu Giischt ass eng Plaz villen onbekannt, onscheinbar niewt hierer grousser Schwëster Giischterklaus an tëscht de Scheieren am Duerf. Ma si waart op Äer Entdeckerloscht an op Mënschen, déi gäer hei bieden a Gottesdingscht wëllen!

*Luc Schreiner*

# Koschterei Gonnerenger Kierch

No ronn 10 Joer huet eise Koschter Luc Santer säin Amt als Koschter opginn aus perséinleche Grënn. Hien huet säin Déngscht mat vill Léift a Kompetenz gemaach. Mir soen him e grousse Merci fir seng Aarbecht an déi diskret mënschlech Art a Weis, mat där hien säin Déngscht erfëllt huet. Mir wënschen him all Guddes fir säi weidere Wee.

Eng Ekipp këmmert sech elo ëm d'Kierch an datt se all Dag op- an zougespaart gëtt: Jeannie Berns-Mangen, Claudine Bertemes-Wolff, Liliane a Camille Reuland-Effner. Mir sinn dankbar, datt si mat hirem Engagement dofir suergen, datt d'Kierch am Duerf lieweg bleift.

*Francis Erasmy*

# Orgelerweiterung Junglinster

*Ein Geburtstagsgeschenk zum 250. Weihetag der Kirche*

Nach langwierigen Verhandlungen mit der Denkmalpflege erreichte uns am Fest des Hl. Martin (**!**), dem 11. November 2024, die Erlaubnis vom Kulturminister Eric Thill, das neue Teilwerk der Orgel hinter dem Altar errichten zu dürfen. Seit einigen Wochen ist nun die Firma *Orgelbau Mayer* aus Heusweiler (D) dabei, das neue Solo-Chorwerk hinter dem Hochaltar über dem vorhandenen Sakristeischrank einzubauen.



*Die großen Orgelpfeifen werden angeliefert*

Die sechs neuen Register (mit 310 Pfeifen, die größte davon 5 Meter lang) sind zwar für den Betrachter unsichtbar, werden aber akustisch deutlich neue Akzente setzen. Angesteuert werden die Orgelpfeifen vom Spieltisch der Emporenorgel, der um ein drittes Manual ergänzt wurde. Ein Steuerungskabel, welches über Dachboden, Turm und Sakristei verläuft, ermöglicht die elektronische Anbindung.



*Der erweiterte Spieltisch auf der Empore*

Die Intonationsarbeiten werden sich noch einige Wochen hinziehen, die **Segnung der Chororgel wird im Hochamt von Ostern** am 20. April um 10.45 Uhr erfolgen. Ein festliches Einweihungskonzert ist für Herbst 2025 geplant, wo auch eine Festschrift und eine Plakette mit den Namen der Spender (Orgelpatinnen und -Paten) veröffentlicht werden.

*Orgelbauer Alexander Ortmann beim Intonieren der Pfeifen des Registers Philomena 8'*



Das neue Orgelwerk wird im Auftrag der Kierchenfabrik von den *Frënn vun der Lënster Kierch* durch Spenden finanziert. Da die Finanzierung noch nicht abgeschlossen ist, sind die *Frënn vun der Lënster Kierch* weiterhin auf Spenden angewiesen. Allen Spenderinnen und Spendern ein herzliches Dankeschön.

*Text und Fotos: Francis Erasmy*

*Für Spenden:*
*Les Amis de l'Église de Junglinster:* CCRALULL **LU43 0099 7800 0027 3540**
oder *Fonds culturel national* (Vermerk**:** 2023/124 Amis de l'Église Junglinster).
BCEELULL **LU24 0019 4655 0203 7000**

*Weitere Informationen auf:*
*www.***lensterkierch.lu**

# Bibelowender

## Lukaskvangelium

An 18 Owender verdéiwe mir déi eenzel Abschnitter vum Lukassevangelium.

**Méindes vun 19.30 - 21.30 Auer**

**Veräinshaus** (passage des Demoiselles, Iechternach)

**Leedung: Tom Osborne, pensionéierte Bibelprofesser**

*zesumme mat enger Aarbechtsgrupp*

Bibelowender:

| | | | |
|---|---|---|---|
| **10.02.25** | Lk 1,5-80 | **16.06.25** | Lk 11,37-13,9 |
| **24.02.25** | Lk 2,1-52 | **30.06.25** | Lk 13,10-15,32 |
| **10.03.25** | Lk 3,1-4,44 | **14.07.25** | Lk 16,1-31 |
| **24.03.25** | Lk 5,1-6,11 | **15.09.25** | Lk 17,1-19,10 |
| **31.03.25** | Lk 6,12-49 | **29.09.25** | Lk 19,11-48 |
| **28.04.25** | Lk 7,1-50 | **13.10.25** | Lk 20,1-21,38 |
| **05.05.25** | Lk 8,1-56 | **27.10.25** | Lk 22,1-65 |
| **19.05.25** | Lk 9,1-62 | **10.11.25** | Lk 22,66-23,56 |
| **02.06.25** | Lk 10,1-11,36 | **24.11.25** | Lk 23,56b-24,53 |

# Mois de mars - mois de St Joseph



Foto: Luc Schreiner

Dans la piété populaire catholique, le mois de mars est le mois dédié à Saint Joseph. En nos temps de crises multiples, la fidélité de Saint Joseph, son oreille ouverte aux appels de Dieu et du temps, sa disponibilité pour Jésus et sa capacité de s'adapter à des situations inattendues et improbables peuvent être un exemple pour nous, afin que nous puissions nous aussi, comme lui, être attentifs à Dieu, à nos prochains et trouver la bonne façon réagir aux multiples défis de la vie. Confions-lui nos intentions, il prie avec et pour nous.

En notre paroisse Saint Joseph est patron de la chapelle de Lauterborn, de la Maison de retraite de Consdorf et second patron du sanctuaire de la Girsterklaus.

A la **Girsterklaus** ce mois de Saint Joseph est particulièrement célébrée. Vous trouverez le programme dans la liste des célébrations. Pour sa fête le 19 mars, Fête des Pères au Portugal et dans bien d'autres pays du Sud, veuillez prendre note d'une nouveauté : En supplément de la grand'messe à 15.15 heures, une messe en français et portugais aura lieu ce jour à 19 heures.

*Luc Schreiner*





Foto: Michael Tillmann

# Dëst & dat...

## Generalversammlungen

• **Willibrordus-Bauverein**,
Donneschdeg 13.03. 2025ëm 20.00 Auer am Veräinshaus, Iechternach

• **Frënn vun der Lënster Kierch**
Mëttwochs, 19.03.2025 ëm 20.00 Auer am Parzenter, Lënster

• **Basilika Chouer**
Mëttwochs, 19.03.2025 ëm 20.00 Auer am Veräinshaus, Iechternach

• **Oeuvres St Barthélemy, Consdorf**
Dënschdes, 25.03.2025 ëm 20.00 Auer am Festsall um Scheedgen


• **Chorale Ste Cécile Roudemer**
Mëttwochs, 26.03.2025 ëm 12.15 Auer

• **Eechternoacher Massdéiner**
Freides, 25.04.2025 ëm 20.00 Auer am Veräinshaus

## Chorale réunie Rouspert-Uesweller

sicht néi Memberen vun all Alter - **Sang mat!**
Hues Du Freed um Sangen a Loscht, Deel vun eisem Kierchechouer ze ginn? Mir freeën eis iwwert all Hëllef, fir de renge Männergesang, deen ëmmer méi rar gët ze pfleegen!
- mir sen e ganz aktiven Deel vun eiser Paargemeinschaft
- mir hun e grousse Repertoire, vu klassesch bis modern a sangen a verschidde Sproochen
- mir bidden eng professionell musikalesch Directioun
- mir sti fir Zesummenhalt a Gesellegkeet

**Zëck net, mir se frou vun Dir ze héieren!**
Mir prouwen donneschdes um 20h15 zu Rouspert "Am Reemerhof".
Fir weider Infoe kontaktéier eis um: 621 164 994 (V. Feltes) Merci!


Rouspert Uesweller

CHORALE REUNIE
ROUSPERT-UESWELLER

De Männerchouer Rouspert-Uesweller sicht néi Memberen vun all Alter - **Sang mat!**

Hues Du Freed um Sangen a Loscht, Deel vun eisem Kierchechouer ze ginn? Mir freeën eis iwwert all Hëllef, fir de renge Männergesang, deen ëmmer méi rar gëtt, ze pfleegen!

- mir sen e ganz aktiven Deel vun eiser Paargemeinschaft
- mir hunn e grousse Repertoire, vu klassesch bis modern a sangen a verschiddene Sproochen
- mir bidden eng professionell musikalesch Directioun
- mir sti fir Zesummenhalt a Gesellegkeet

**Zeck net, mir se frou vun Dir ze héieren!**

Mir prouwen donneschdes um 20h15 zu Rouspert „Am Reemerhof". Fir weider Infoe kontaktéier eis um: 621 16 49 93 (V. Feltes) Merci!



# Samschdes-Owesmass Muttergotteskapell


Vum éischte Faaschtesonndeg un, d.h. vum 8. Mäerz un, gëtt d'Virowendmass vun der Basilika an d'Muttergotteskapell (rue Rabatt) verluecht. Anengems gëtt d'Auerzäit op 17 Auer virgezunn. Domadder gëtt d'Kapell - déi fir eis all eng wäertvoll a schéi Plaz ass - valoriséiert. Et besteet lo d'Méiglechkeet, fir all déi, déi net méi sou spéit eraus wëllen oder kënnen, eng fréi Virowendmass ze besichen. Den Abbé Nico Jans wunnt als "Chapelain" direkt nieft der Kapell am Paschtoueschhaus an assuréiert am Prinzip dës Mass. Him dofir e grousse Merci. Dat erlaabt och der Pastoralekipp méi flexibel ze si fir aner pastoral Déngschter.

Eise Merci gëllt och dem Prof. Tom Osborne, deen elo zënter 10 Joer all Samschdeg d'Mass an der Basilika ganz trei a mat vill Kompetenz animéiert huet. Hien huet eis wierklech un d'Sange bruecht. Mir huelen dës wäertvoll Erfarung vun der aktiver Participatioun gäre mat an eis aner Liturgien eran.

*Francis Erasmy*

## Eechternoacher Massdéiner

D'Eechternoacher Massdéiner verkafen **Ouschterkäerzen** Pällemsonndeg an Ouschteren vir a no de Massen.
1 Käerz: 10 € - 3 Käerzen 25 € an 5 Käerzen: 40 €



## Das Echternacher Abteimuseum

**sucht Personal** für die kommende Touristensaison.

Die Mitarbeit als „Surveillant(e)“
- erstreckt sich über 7 Monate
- während ca. 10 Tagen pro Monat.

Weitere Information über Telefon:
Alex Langini 621356751 - Eric Meyers 691738365
oder Mail: info@museedelabbaye.lu.

## Krankewallfahrt

Basilika St. Willibrord

**Dienstag 18. März | 15.00 Uhr**

Messe mit Krankensalbung



# Oeuvres St Barthélemy - Consdorf

## Scheckiwwerreechungen

**13.11.2024**

An enger gemittlecher Feierstonn am Festsall um Scheedgen hunn d'Konsdrëffer Massendénger, d'Klibberkanner vu Konsdref, Präitler a Kolwent zesumme mat den Oeuvres St Barthélemy Consdorf zwéi Schecken un d'Haus Omega, vertrueden duerch hire President Fabian Weiser, iwwerreecht.

Nieft enger Rei Membere vun deene verschiddenen Organisatioune war d'Gemeng vertrueden duerch di zwéi Schäffe Michel Majerus a Bob Ries.




**05.01.2025**

D'Spendekëscht, déi bäi der Aktioun Adventsfënstere mat vu Fënster zu Fënster gereest ass, gouf vu mëtschgiewege Spender nawell gutt gefëllt. Um kierchlech gefeierten Dräikinneksdag ware vill „Fënsterdekorateuren*innen" an der Präitler Kierch zesummekomm, fir den Erléis vun där Aktioun un d'Amicale Zitha Consdorf asbl ze iwwerreechen. Hir Präsidentin Joëlle Wallenborn huet sech erfreet gewisen iwwer dëse Geste un di rezent gegrënnten Organisatioun.




De Buergermeeschter Marco Bermes huet an enger kuezer Usprooch d'Wichtegkeet vun de béiden implizéierten Organistioune fir de sozialen Zesummenhalt ervirgestrach.

Als lescht Riednerin huet d'Parassistentin Josiane Mirkes der Organisatrice Tanja Konsbrück fir di wonnerbar Initiative felicitéiert an hir eng Blimmche fir hire kierzlech gefeierte ronne Gebuertsdag iwwerreecht.

# Kanner - a Familljenhëllef

Am vergaangene Jar 2024 huet d'OSBC sech nees an den Déngscht vun der Kanner- a Familljenhëllef asbl. gestallt an huet sech un der Sammlung vu Schoulsäck a Liewensmëttelpäck bedeelegt. Mir son alle Leit aus der *Par Regioun Iechternach St Willibrord*, déi hiren Obolus do bäigedron hunn, en häerzleche Merci.

Wat fir eng wäertvoll Aarbecht déi Organisatioun leescht beleet schonn d'Wanteraktioun 2024: nieft Spillsaachen, Kleeder, Vëloen, Babybettercher, Kutschen, waarmen Decken an villem méi goufen 3002 Liewensmëttelpäck a Rumänien an an d'Ukrain geliwwert.

# Fraen a Mammen - Iechternach

D'Fraen a Mammen vun Echternach hunn op hirer Generalversammlung den Institut St. Joseph vu Betzdorf mat engem Don vun 2.500 € ënnerstëtzt. Och d'Nationalbibliothéik konnt e Scheck vun 1.000 € entgéint huelen fir d'Restauréiren an den Erhalt vun der Riesebibel, déi jo och e Stéck Echternacher Patrimoine ass.







**HEUTE**
**kann es geschehen**

Kaum zu glauben
oder doch?

Heute
könnten mir die Augen aufgehen
für das
was mir bislang verschlossen blieb

Heute
könnte sich Verworrenes lösen

Heute
könnte ich neu innere Freiheit
verspüren

Heute
könnte ich mich von Gottes Geist
berühren und beleben lassen

HEUTE
könnte ich mir dafür Zeit nehmen

Einfach glauben
dass Gottes Geistkraft
nicht Theorie von gestern ist
sondern
erneuerbare Energie
das jedes Menschen-Herz
belebt!

© *Sr. Maria Schlackl SDS*

# Catéchèse en Paroisse

Luc Zimmer, Titularkatechet, ☎ 26720376
Parbüro: ☎ 720 149 💻 iechternach@cathol.lu

caté

## Gottesdéngschter fir Kanner

- zu **Bäerdref** an der Kierch, Samschdes 16.30 Auer Kannergottesdéngscht
- zu **Befort** an der Kierch, Samschdes 18.00 Auer Kannergottesdéngscht
- zu **Iechternach** an der Basilika: all Mëttwochs 18.30 Auer Kanner- a Familljemass
- zu **Lënster** an der Kierch: all Freides ëm 18.30 Auer Kanner- a Familljemass
- An der Gemeng **Rouspert/Mompech**, Méindes ëm 18.00 Auer Kannergottesdéngscht

***An de Schoulvakanzen si keng Kannergottesdéngschter***

## D'Lënster Kierchemaisercher...

...ass e Projet fir Kanner aus der Spillschoul a vum Cycle 2.1, all zwou Wochen Freides vun 18.15-19.15 Auer (ausser de Schoulvakanzen). Déi nächst Treffen sinn am Parzentrum vu Lënster (15, rue du Village) den:

**14.03. - 28.03. - 25.04.**

*...un projet au sein de l'église, pour les enfants de la `Spillschoul`et du cycle 2.1, le vendredi , toutes les deux semaines de 18h15 -19h15 (à l'exception des vacances scolaires) , au centre paroissial de Junglinste (15, rue du village). Prochaines dates:*

**14.03. - 28.03. - 25.04.**



## Date mat Gott

Gebietsmoment fir Jugendlecher

***Den Date ass och eng Virbereedung op d'Firmung!***

Déi nächst Treffe sinn:

**Iechternach** 18.00 Auer an der Basilika:

**18.03.25 - 22.04.25**

**Lënster** 18.00 Auer am Parzentrum *(15, rue du Village)*

**25.03.25 - 29.04.25**

**Déi nächst Jugenmassen zu Iechternach**

an der Basilika ëm 18.30 Auer:

06.04.25 - 04.05.25 - 01.06.25

# Dat (Vir-) Lescht




„Wo ist denn das Stück Kuchen hin, das hier auf dem Teller lag?“, fragt streng die Mutter. „Das hab ich an einen hungrigen armen Jungen verschenkt“, antwortet Fritzchen. „Das ist aber lieb von dir, Fritzchen! Wer war denn der Junge?“ – „Ich!“

Thomas sitzt über den Hausaufgaben und knabbert am Kuli. Schließlich fragt er den Vater: „Papa, kannst du mir sagen, wer Hamlet war?“ – „Nun, du weißt doch, Thomas“, antwortet der Vater, „wer von uns beiden soll die Hausaufgaben machen? Du oder ich? Nimm die Bibel zur Hand und schlag selber nach!“

Der englische Austauschschüler: „Ist Prügeln und Schlagen eigentlich dasselbe?“ – „Ja, sicher!“ – „Und warum lachen immer alle, wenn ich sage, es hat zwölf geprügelt**?**



Lënster
Kierch



# 30.03.25

## Concert | 17:00

## Choeur de Garçons PUERI CANTORES du Conservatoire de la Ville de Luxembourg

**an der Jonglënster Kierch**

Pierre NIMAX jr., *direction & orgue*

Pit HEYART, *direction & piano*

*Programm :*
*Pueri Cantores go Japan 2025*

*org:* **D'Frënn vun der Lënster Kierch**

**Faites un don pour Pueri Cantores go Japan 2025**

Entrée : gratuit - quête à la fin du concert
Tous les bénéfices nets contribueront à financer la tournée de concerts au Japon du 08.04.25 au 18.04.25.

marcwilmesdesign.lu